



geheien.“ Dat, wat mech awer e bësse plot, an de Marc Baum huet dat virdrun eng gesot: Do gëtt et Verschiddener, do gëtt et awer notament ee MoU, dee gemaach ginn ass mat de Vereenegte Staaten, mat Google a mat der Gemeng Biissen. An do geet et notament ëm d’Acquisitioun an d’Vente vun Terrainen.

Dat ass en Engagement, Dir Dammen an Dir Hären! Hei geet et konkret ëm Acquisitioun a Venté vun Terrain. An ech mengen, datt dat awer och d’Chamber hei muss interesséieren.

An, wéi richtegerweis hei gesot ginn ass: Mir verstinn och hei net d’Attitud vum Étienne Schneider. Déi amerikanesch Ambassad huet dat Dokument public gemaach, huet Journalisten dat gewisen. Mir hunn e puermol dem Étienne Schneider d’Fro gestallt, deen huet gesot, hie wär net gewëllt, der Chamber d’Dokument zur Verfügung ze stellen, a wär emol net gewëllt, Informatiounen aus deem Dokument ze ginn. An do musse mer eis awer eens sinn: Dat ka jo awer net sinn!

Ech sinn awer frou, Här Bodry, mat där Avance, déi Der gemaach hutt. Mir sollen dat dōten a Rou kucken. Duerfir akzeptéiere mir och Är Proposition, fir ze soen: „Da kommt, mir huelen déi Motioun eng Kéier roueg an déi dote Kommissiounen!“ Domat sinn ech och d’accord. Mir sollten awer kucken, datt mer méiglechst schnell do zu engem Accord kommen. Dat sollt elo net op déi laang Bank gedréckt ginn.

Wéi gesot, mir sinn d’accord. Ech fannen, dat dōten ass dee richtege Wee. Ech wëll awer och direkt soen, wann do e Blocage géif weider komme vun der Regierung, da reservéiere mir eis all Méiglechkeeten, an ech soen: Da wäert et och net nēmmen bei enger Debatt hei am Haus bleiwen!

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Här Mosar.

Vote

Wien ass d’accord, fir iwwert dēs Motioun schnellstméiglech an der aussepolitescher Kommissioun ze befannen?

Dat ass d’Unanimitéit.

Ech soen ...

(Interruptions)

Eng Jointe, jo!

(Interruption)

Okay. Wien ass dergéint?

Dann ass dat eestēmmeg esou decidéiert.

(La motion n° 9 de M. Laurent Mosar est renvoyée à la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l’Immigration et de l’Asile et à la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle.)

Résolution 1

Da komme mer zur Resolutioun vum Här Yves Cruchten iwwert de Suivi vun de Motiounen a Resolutiounen an d’Evaluatiounen vun de politesche Moossnamen.

Vote sur la résolution 1

Wie mat där Resolutioun d’accord ass, dee soll d’Hand an d’Luucht hiewen?

Wien ass dergéint?

Dann ass och dēs Resolutioun eestēmmeg ugeholl.

Deen nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 7466, d’Emsetze vun der ATAD-2-Direktiv, der Anti-Tax Avoidance ...

(Brouhaha général)

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ech wëll nach eppes zu der Resolutioun soen. Well ech u sech mam Här (veuillez lire: mam Huissier) geschwat hat, konnt ech net oppassen. An ech hat och de Fanger net an d’Luucht gestreckt.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Dir dāerft eppes soen, Madamm Hansen.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. Mir wollten eis bei der Resolutioun vum Här Cruchten enthalten, nämlech aus zwee Grënn.

Bis elo war ëmmer een Gentlemen’s agreement u sech, datt de Rapporteur am Rapport vum Budget seng Meenung konnt draschreien, wat net onbedéngt vu jiddwerengem ëmmer gedroe muss ginn. Wa mer dat heite stēmmen, dann huele mer, éischstens, déi dote Fräiheet fort, well da muss et d’Meenung sinn. Dann huele mer verschidde Fräiheeten, déi de Rapporteur hat, fort.

An dat hu mer awer nach eng zweet Ursach. Mir schreien am Intitulé dran, datt all Deputéierte ka Motiounen eraginn. Mir wëllen awer net nēmmen dann ee Regēster vun deene Motiounen hunn, mee mir hätten dann awer och gār ee vun all deene Motiounen, fir datt do e Suivi ka gemaach ginn. Dat steet esou hei net

dran. Hei steet just dran, datt ee Suivi géif gemaach gi vun de Recommandatiounen. Also mir hätten och gār, datt da vun alle Motiounen e Suivi gemaach géif ginn.

An aus deenen zwee Grënn wëlle mer eis do enthalten.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Madamm Hansen. Den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Jo, Här President. Ech ka mech deene Wieder vun der Kolleeigin Martine Hansen uschlēssen. Ech weess net, ob et vun der Majoritéit esou gemengt war, duerfir géif ech mengen, wann d’Majoritéit vlāicht dee leschte Saz géif ëmāneren an dann ersetzen, datt all d’Motiounen géifen drakommen, da kéint ee se stēmmen.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Den Här Cruchten ass gefuerdert.

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.**- Jo, also fir dat kloerzestellen: Ech si mer voll a ganz bewosst gewiescht, zu deem, wat d’Madamm Hansen och elo gesot huet, dass et effektiv an där éischer Versioun vun där Resolutioun net kloer formuléiert war, wéi eng Recommandatiounen dat sinn.

Mir hunn awer dorobber reagéiert a mir hunn eigentlech kloergestallt an där Resolutioun, dass et sech hei ëm déi Recommandatiounen handelt, déi vun der Kommissioun gedroe ginn. An ech mengen, dass dat e weesentlechen Ennerscheed ass. Dofir kann ech si berouegen, dass weiderhin dann de Rapporteur d’Fräiheet behält, och nach selwer Denkestēss kēnnen ze ginn. Ech mengen, dass dat e wichtigen Exercice ass. Ech hunn et elo dēst Joer gemaach. An ech mengen, et sinn der vill heibannen, déi et scho gemaach hunn, déi dat e wichtigen Outil fannen. Dee bleift op jidde Fall an deem Sēnn behalen.

An effektiv, wat elo d’Motiounen ugeet - ech muss elo kucken, dat ass ganz komplizéiert hei mat eisem System -, ass et: « en vue de favoriser une meilleure lisibilité des différentes motions et résolutions votées par la Chambre des Députés, qu’un registre par thèmes soit créé afin de regrouper les motions et résolutions votées ».

Vlāicht eng Kéier ze erklāren fir déi Leit, déi net verstinn, wat een domadder mengt: Mir stēmmen hei dacks Motiounen, mir hunn der haut, mengen ech, elo schonn 9 gestēmt, d’lescht Woch hate mer der 14 gestēmt. Déi eng ginn ugehall, déi aner gi refuséiert. A wann deen, dee selwer Auteur war vun der Motioun, net iergendwann eng Kéier erēmkennt domadder a seet: „Hei, wat ass mat där Motioun geschitt? Wat huet d’Regierung gemaach?“ a sou weider, da verléiert se sech vlāicht.

An ech mengen, dass et wichtig ass, op jidde Fall hunn ech schonn déi eng oder aner Kéier probéiert ... An eisem Portail, an deem System, dee mir hunn, fir eis Dokumenter ze sichen, hunn ech schonn dacks no enger Motioun gesicht, déi ech net konnt erēmānen. Ech mengen, dat soll op prominenter Plaz disponibel sinn, fir dass all Deputéierten, och déi, déi vlāicht elo nach net hei sinn an déi vlāicht erēischt an engem Joer oder iergendwann eng Kéier hei bāikommen, dass déi kēnnen novollzēien: Wat huet d’Chamber an deene leschte Joren hei vu Motiounen eragereecht?, an dass en dann och kann e persēinleche Suivi maachen a kucken, wat d’Regierung dorausser gemaach huet.

Et geet hei eigentlech drēms, dass mer eis eegen Aarbecht seriō huelen an dass mer och derfir suergen, dass dat, wat mer heibannen decidéieren, duerno och eng Suite huet.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Den Här Baum an dann d’Madamm Hansen.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Elo musse mer awer wierklech soen: Dat do ass eng nei Prozedur! Et ass nämlech Discussion après vote.

(Hilarité et interruptions)

Da wēilt ech mech och un där Diskussioun beedelegen.

Den Här Cruchten huet op eng wonnerbar Aart a Weis dat duergeluecht, wat d’Motioun ugeet. Duerfir hu mir déi Resolutioun och mat ennerschriwwen. Mir mengen, datt dat effektiv, quitte datt et no engem Formalismus klēngt, awer eppes immens Wichtiges ass, och fir d’Aarbechten an der Chamber ze organisēieren. An dat ass den ausschlaggebende Grond, firwat mir dat hei natierlech mat ennerstētzen.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- D’Madamm Hansen.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci. Ech wëll just nach eng Kéier prezisēieren: Also, de Register vun de Motiounen fannen ech immens

wichtig. Ech fanne just, datt dat net duergeet, well ganz vill Motiounen ginn hei eestēmmeg ugeholl an et geschitt absolutt a guer nāischt!

An da mengen ech, ass et net de persēinleche Suivi, dee muss gemaach ginn, mee d’Chamber huet déi Motiounen gestēmt, an da misst och d’Chamber vun deene Motiounen kēnnen ee Suivi maachen, sou wéi et am Prinzip an där heiter Resolutioun gefrot gëtt, datt e Suivi gemaach gëtt vun de Recommandatiounen vum Rapporteur. Ech mengen eeben, datt och vun deene Motiounen, déi gestēmt ginn, d’Chamber och do misst kēnnen e Suivi maachen.

Dat heescht, wann een dee leschten Tiret géif erweideren, dee misst een dann e bēssen ëmformuléieren, well et ass jo dann net d’Cofibu, déi dat muss maachen, mee et ass d’Chamber, déi da misst de Suivi maachen, souwuel vun de Recommandatiounen wéi eeben och vun de Motiounen an anere Resolutiounen, déi gestēmt gi sinn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Wier et net ubruecht, an deem dote Fall, dat dōten eng Kéier ze diskutēieren an deem Gremium, deen dofir virgesinn ass? Oder haalt Dir drop, Här Cruchten, datt ...?

► **Plusieurs voix.**- Et ass jo ofgestēmt!

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Et ass ofgestēmt.

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.**- Ech mengen, dass mer effektiv net wāit ausernee-leien, d’Madamm Hansen a mir. Mee ech mengen awer, dass dat heite relativ kloer ass. An ech mengen, mir hu schonn ofgestēmt, an ech fannen, mir sollten dee Vott och bāibehalen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Okay!

5. 7466 - Projet de loi portant

1^{er} modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l’impôt sur le revenu ;

2^e modification de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l’impôt sur la fortune (« Vermögenssteuergesetz ») ;

3^e modification de la loi d’adaptation fiscale modifiée du 16 octobre 1934 (« Steueranpassungsgesetz ») ;

4^e modification de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;

en vue de transposer la directive (UE) 2017/952 du Conseil du 29 mai 2017 modifiant la directive (UE) 2016/1164 en ce qui concerne les dispositifs hybrides faisant intervenir des pays tiers

Domadder kēnnen mer dann direkt zum zweete Punkt vun haut de Moje kommen. Dat ass de Projet de loi 7466, d’Emsetze vun der ATAD-2-Direktiv, der Anti-Tax Avoidance Directive. D’Riedezāit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Franz Fayot, d’Madamm Joséé Lorsché an den Här Gast Gibéryen. An d’Wuert huet elo de Rapporteur vun dēsem Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler, Dir hutt d’Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif Kolleeгинnen a Kolleeegen, et ass bal op den Dag genee ee Joer hier, dass mer déi europäesch Direktiv ATAD 1 géint d’Steierflucht hei an der Chamber gestēmt hunn.

ATAD, ech wëll dat och nach eng Kéier rappéléieren, steet fir Anti-Tax Avoidance Directive. Haut geet et ëm d’Nofollgedirektiv, déi sougenannt ATAD 2.

Ier ech op dēs ze schwätze kommen, wollt ech e bēssen aushuelen an den Hannergrond rappéléieren, wann Dir erlaabt.

Wéi och vill aner Gesetzesprojeten, déi op dēser Plaz diskutéiert ginn, ginn och déi zwou ATAD-Direktiven op der OECD hire BEPS-Aktiounsplang zrēck. An dēsem sinn an net manner wéi 15 verschiddene Schlussrapporten ennerschiddlech Recommandatiounen festgehale ginn, wéi déi steierlech Gouvernance vun de G20-Länner reforméiert soll ginn.

D’Zil heibāi ass in fine, dass d’Benefisser do besteiert ginn, wou se och tatsächlech erwirtschaft ginn a wou och wierklech eng Plus-value ge-

schafe gëtt. Ëmgedrēit heescht dat, dass nei Reegelen ausgeschafft gi sinn, fir eng aggressiv Steierplanung, also Steierflucht ze ennerbannen, duerch déi zum Beispill d’Benefisser aus enger Juridictioun an eng aner, wou de Steiertaux méi niddreg ass, kēnschtlech transferéiert ginn.

En anert Zil ass, fir géint d’Erosioun vun der Base imposable virzegoen - „Base erosion“, wéi dat esou schēin heescht -, andeems Reegele geschafe ginn, déi et net méi ermēiglechen, d’Base imposable duerch eng aggressiv Steierplanung kēnschtlech ze reduzéieren.

Als Reaktioun op de BEPS-Aktiounsplang huet déi Europäesch Unioun hir Strategie am Kampf géint d’Steierflucht presentéiert, duerch déi d’Konklusiounen vum BEPS-Aktiounsplang ëmgesat solle ginn. Ausser der ATAD-1-Direktiv ëmfaasst déi Strategie enner anerem och nach d’DAC-Direktiven iwwert déi administrativ Zesummenaarbecht, d’Kooperatioun, vun deene mer jo am Moment bei der sechster, der sougenannter DAC 6, sinn.

A senge Schlussfolgerunge vum 8. Dezember 2015 huet de Rot vun der Europäescher Unioun och d’Noutwendegkeet ennerstrach, fir gemeinsam Léisungen um Niveau vun der Europäescher Unioun ze fannen, fir verschidde Steierpraktike vun deene grouse Multinationallen ze ennerbannen. Sou solle virop d’Efforte vun de Memberstaaten am Kampf géint d’Steierflucht besser koordinéiert a verschidden Aspekter vun den nationale Gesetzgebungen harmoniséiert ginn.

Mat der ATAD 1 gouf e grouse Kader gesat, dee fēnnf verschidde Beräicher ëmfaasst an do nei Reegelen definéiert:

1) d’Begrenzung vun der Méiglechkeet, fir Zēnsen ofzesetzen,

2) d’Besteuerung vu Plus-valuen, wann e steierpflichtige Betrib seng Aktivaen oder seng Steierresidenz ausserhalb vun der Jurisprudenz vun engem Staat verleet; déi sougenannt „imposition à la sortie“,

3) eng generell Anti-Mēssbrauch-Klausel,

4) Reegelen, déi déi auslānnesch kontrolléiert Gesellschaften betreffen,

5) Reegelen, déi et erlaben, fir géint déi sougenannt „hybrid Dispositive“ virzegoen.

D’ATAD-2-Direktiv befaasst sech par contre, en revanche eleng mat de sougenannten „hybriden Dispositiven“, déi tēschent zwee Betriber aus engem Grupp en place gesat ginn a wou doduerjer, wéi dat am Techneschen, fir net ze soen am Fachchineeseschen heescht, e sougenannten „effet d’asymétrie“ entsteet.

Mat „effet d’asymétrie“ bezeechent een eigentlech zwou Situatiounen:

Déi éischt ass, wann e Paiement beim Steierzueler, deen dēse mécht, vun der Base imposable ofgezu gëtt an awer beim Beneficiaire vum Paiement net besteiert gëtt. Esou eng Situatioun gëllt als „déduction sans inclusion“ oder gëtt och als dat bezeechent.

Deen zweete Fall ass, wann e Paiement bei zwee Steierzueler, zwee Contribuable vun der Base imposable ofgezu gëtt. Hei schwätze mer vun „double déduction“.

Hybrid Dispositiven entsti virun allem aus der ennerschiddlecher juristescher Qualifikatioun vun Organismen oder Finanzinstrumenter an zwee verschiddene Staaten, zwee verschiddene Länner. Doduerch kann et, wéi grad erklāert, zu enger duebeler Steiererlicherung kommen, soudass um Niveau vum Grupp manner Steiere bezuelt ginn, wéi et misst sinn.

D’ATAD-Direktiv gesāit an esou Fäll vir, dass ee vun deenen zwee involvéierte Staaten d’Steierdeduktioun verweigere muss. Vu dass d’ATAD 1 awer net alleguer déi verschidden Zorte vun hybriden Dispositiven ofdeckt, an och just déi, déi innerhalb vun der Europäescher Unioun sinn, huet de Rot vun der EU schonn dee Moment, wéi d’ATAD-1-Direktiv adoptéiert gouf, festgehalten, dass bei de sougenannten hybriden Dispositiven nogebessert muss ginn.

D’ATAD 2 leet elo no a féiert nei Reegelen a fir déi hybrid Dispositiven, déi bis elo net betraff waren. Konkreet erstreckt sech d’ATAD-2-Richtlinn op véier verschidde Kategoriën vun hybriden Dispositiven, woubāi de Champ d’application ausgedeeent gëtt op déi Dispositifs hybrides, déi Etablissements stables benotzen. Donieft enthält d’ATAD 2 och eng Moossnamen, fir d’Duplikatioun vu Steierkreditter am Kader vun engem hybriden Transfert vun Titelen ze verhēnneren, also dat heescht, en hybriden Transfert vun Titelen ze verhēnneren, ze vermeiden. ATAD 2 deckt och d’Relatiounen mat État-tiersen, also mat Drēttlänner of.



Vu dass et sech heibäi ëm zimmlech, wéi Der mierkt, technesch Begrëffer handelt, erlaben ech mer, fir den Detail op mäi schrëftleche Rapport ze verweisen.

Mat dësem Gesetzesprojet gëtt och eng Reegel agefouert, déi déi importéiert hybrid Dispositive betrëfft. Donieft sinn och Moosname virgesinn, fir d'Effekter vun deenen Dispositiven ze neutraliséieren, déi op enger duebeler Residence baséieren an eng duebel Netbesteuerung, also eng „double déduction“ mat sech brénge këinten.

Schlussendlech gëtt nach eng Mesure agefouert, déi déi steuerlech Behandlung vun den hybriden Organismes inversés betrëfft, mee dës trëtt awer eréischt ab dem Joer 2022 a Kraaft.

De Staatsrot hat a sengem developpéierten Avis vum 10. Dezember nëmmen eng eenzeg Opposition formelle formuléiert. Déi héich Kierperschaft hat verlaangt, dass bei engem Artikel d'Formuléierung „sans préjudice“ duerch d'Formuléierung „sous réserve“ ersat gëtt, vu dass dës op där Plaz éischter ubruecht wier.

Här President, et ass wichtig, dass mer dës Direktiv op den 1. Januar an d'nationaalt Recht ëmsetzen. Et geet engersäits ëm eis Reputatioun an anerersäits ëm rechtlech Exigenzen. Mir hunn eis duerfir an der Kommissioun wierklech misse fläissen. An ech soen de Kollege Merci, dass si bereet waren, déi lescht Woch eng zousätzlech Sitzung vun eiser Kommissioun ze akzeptéieren, fir dass mer awer a Rou a mat der néideger Zäit all Froen an deem äusserst komplexen an technesche Projet opwerfe konnten an e sëllegen Erklärungen dach awer aus dem Ministère kruten.

De Beamten aus dem Finanzministère, besonnesch dem Här Carlo Fassbinder an dem Här Matthieu Gonner, an och eiser fläisseger Kommissiounssekretärin, dem Caroline Guezennec, e grouse Merci fir hir Disponibilitéit an hir Flexibilitéit an dësem komplizéierten, jo, bal abstrakte Projet.

Dëst gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschten a ginn och am Numm vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei den Accord fir dëse Gesetzesprojet. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bauler. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, merci, Här President. Ufänke wëll ech natierlech mat engem Merci un eisen exzellente Rapporteur André Bauler, deen, wéi mer dat vun him gewinnt sinn, mat där néideger Akribie an awer och Kompetenz eis a relativ einfachen a verständleche Wierder e komplizéierte Projet erklärt huet.

Mir wäerten och, dat soen ech direkt, dee Projet stëmmen, well mer um Fong d'accord sinn. Wann ech awer hei op d'Riednerpult kommen, ass et eigentlech manner, fir mech mam Fong vun där Direktiv ausereneezesetzen, mee mat där Aart a Weis, wéi hei d'Chamber quasiment en dernière minute huet missen erëm en extreem wichtige Projet iwwert de Knéi brieche.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

An ech wëll awer direkt soen: Dat ass elo net de President vun der Kommissioun (veuillez lire: Dat ass elo net dem President vun der Kommissioun seng Schold), dee sech ëmmer eng grouss Méi gëtt, fir ze versichen, seng Aarbechten esou gutt wéi méiglech ze organiséieren, mee et geet hei éisch em d'Aart a Weis, wéi d'Regierung alt erëm eng Kéier mam Parlament verfiert.

Ech hu mer dat ugekuckt, Här Finanzminister: Déi Direktiv ATAD 2 ass schonn de 17. Mee 2017 - 2017, also zwee an en halleft Joer hier! - ugeholl ginn. Mir brauchen also ..., oder „Dir“ braucht zwee an en halleft Joer, fir déi doten Direktiv hei ëmsetzen! Ech muss soen, dat geet einfach net méi! Wéi d'ATAD-2-Direktiv ofgestëmmt ginn ass am Europaparlament, dunn hu mir eréischt ee Joer duerno d'ATAD-1-Direktiv hei ëmgesat, 2018. Ech fannen dat einfach net seriö, muss ech lech soen!

Da kënn derbäi, datt mer hei während Woche keng Chambersitzung hunn. Keng Chamber-sitzung hunn! An dann erëm, en dernière minute, wou mer wichtig Projeten hunn, de Budgetsprojete, de Mëtten - oder elo de Moie schonn - eng wichtige Klimadebatt, da pake mer do och nach déi ATAD-Direktiv mat eran! Obscho mer wochelaang Zäit gehat hätten, fir dat ze maachen.

Ech muss lech einfach soen: Dat do ass d'Parlament net seriö geholl! Leider Gottes ass den Alex Bodry elo net hei, dee gesot huet, wéi wichtig et ass, datt d'Parlament sech selwer seriö hëlt. Och ech muss lech einfach soen: Ech kann dat doten net méi akzeptéieren, déi Aart a Weis, wéi hei legiferéiert gëtt!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Et kënn derbäi, datt bei all Projet de loi, Här Finanzminister, eng Fiche financière soll derbäi sinn. Hei ass emol keng Fiche financière méi derbäi. An engem Projet, deen extrêmement wichtig ass - ech hunn dat gëschter hei ausgefouert -, dee wichtig ass och fir eis Recetten an Zukunft, fënn de Finanzminister dat emol net fir néideg, eng Fiche financière do derbäizesetzen.

An da wëll ech nach eppes soen, an de Rapporteur André Bauler huet dat zu Recht ënnerstrach: Et muss een dëse Projet gesi mat dem Projet DAC 6, deen an den nächste Woche kënn. An do soen ech lech just: Et ass e Projet, deen och ganz vill fundamental Froen opwërt. Fundamental Froen opwërt! Mir wäerten nach Zäit hunn, fir dorobber anzegoen. Ech hoffe just, Här Finanzminister, datt deen net grad esou iwwert de Knéi gebrach gëtt an datt do mat deene concernéierte Kreesser geschwat gëtt. Well hei geet et och ëm fundamental Rechter.

An ech muss lech iwwerhaupt soen: Dëse Projet de loi ass en exzellenten Avis - ech schwätzen nach elo hei zu ATAD - vun der Chambre de Commerce, Ärem fréiere Betrib, déi sech ganz vill Méi ginn hunn, dee Projet ausereneezehuelen, déi mat ganz villen interessante Suggestiounen, Recommandatiounen a Kritikke komm sinn.

De Staatsrot - an do sinn ech net ganz d'accord mam Här Bauler - huet wuel nëmmen eng Opposition formelle formuléiert, huet awer ganz vill Kriticken um Fong formuléiert. Mir sinn emol net op déi Kriticken agaangen, well mer keng Zäit haten a well déi Sitzung een Dag virdu convoquéiert ginn ass.

Also ech muss lech soen, mat allem Respekt, a mir ware jo och laang an der Majoritéit an der weess, datt dat heiansdo net ëmmer einfach ass, mee dat do ass wierklech net seriö, Här Minister! A mir hätten eigentlech an léifste géint déi Direktiv gestëmmt, just net, well mer e Problem um Fong hunn - mir hu kee Problem um Fong -, mee fir emol eng Kéier en Zeechen ze setzen, fir ze soen: „Esou geet et net!“

An ech kann lech soen, bei där nächster Direktiv, sollt déi nach eng Kéier esou iwwert de Knéi gebrach ginn, da wäerte mir do dergéinstëmme.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci och. D'Wuert huet elo den Här Franz Fayot. Här Fayot, wannechgelift.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen, léif Kollegen, 2012 huet Italien 1,5 Milliarden Euro u Steiereinnahmen an d'USA an nëmmen eefel Transaktiounen 3,5 Milliarden Dollar u Steiereinnahme verluer, laut OCDE-Zuelen. A béide Fäll sinn dës Steierausfäll op sougenannt „dispositifs hybrides“ zrëckzeféieren.

Et geet bei dësem Gesetz, dat effektiv d'Direktiv ATAD 2 vum 29. Mee 2017 ëmsetzt, drëms, déi sougenannt „effets d'asymétrie“ an der internationaler Fiskalitéit ze bekämpfen. Dat ass einfach gesot, wéi den André Bauler dat och schonn erkläert huet: wann op där enger Säit am Land A eppes kann ofgesat ginn, mee wann et beim Beneficiaire vum Paiement am Land B net besteiert gëtt. Oder schlëmmer nach: wann et zweemol kann ofgesat ginn. Dat nennt een am Steierslang en „double-dip“. Dat heescht, da ginn d'Steierrecetten direkt op zwou Plaze geprellt.

(Interruption)

Instrumenter vun där Asymetrie sinn déi véier Kategorie vun Hybriden, déi de Rapporteur beschriwwen huet - an ech soen dem André Bauler Merci fir säi gudd schrëftlechen a mëndleche Rapport -, op déi ech hei elo net méi wëll agoen. Déi sollen heimat ausgeschloss ginn an dat begrësse mir als LSAP ausdrécklech!

Politesch wichtig ass et, dass mer hei am Häerz vun der Steuerstrukturéierung sinn, wou et ëmmer méi en internationale Konsens gëtt an, ech mengen, och bei eis heiheim ëmmer méi e Konsens gëtt, dass mer se am Fong net méi wëllen, wouduerch Länner ëm hir Steuerrecettë bruecht ginn, well Multinationallen op verschiddene Steiersystemer a verschiddene Reegele spillen an doduerch hir effektiv Besteuerung wäit ënner akzeptabelen Niveauen halen. Wäit ënnert deem vu klengen a mëttlere Betri-

ber. Wäit ënnert deenen och vun de schaffende Leit, déi besteiert ginn zu den normalen Tauxen, déi an hirem Land gängeg sinn.

Dat hei ass een Deel vu BEPS, et ass d'Aktioun 2 vu BEPS, et ass d'politesch Reaktioun op d'international Finanzkris, och op LuxLeaks an d'Panama Papers. Et ass d'Antwort op vill Beispiller, déi d'Mënsche schockéiert hunn, vu Multinationallen, déi Milliarde Benefisser gemaach hunn, mee just eng ganz kleng Steuer bezuelt hunn am Land vun hire Holding. Jo, oft zu Lëtzebuerg, mee och an Holland oder an Irland.

An duerfir begrësse mer als LSAP dëst Gesetz, och well et dës Reegelen géint d'Effets d'asymétrie op internationalem Niveau verankert, net méi just an der Europäescher Unioun, mee och elo op internationalem Niveau. An och dat fanne mer gutt.

Här President, ons Angscht ass et, an dat hunn ech och schonn an der Finanzkommissioun gesot, dass dës Reegelen ausgehielegt ginn, dass se duerch kreativ Steuerstrukturéierung contournéiert ginn. Well mir wëssen och, dass hei, wéi esou oft, d'Industrie vun de Fiskalisten oft en avance ass par rapport zu de Reegelen. Et ass gewosst, dass bei eis d'Fongen ausgeholl sinn aus dem Gesetz, wat d'ATAD 2 ëmsetzt. An dat ass och an der Rei. An dat ass och justifiéiert. Mee mir wëssen och, dass elo schonn Armée vu Fiskalisten amgaange sinn, no Weeër ze sichen, fir weider d'Steierlaascht esou niddreg wéi méiglech ze halen, trotz ATAD 2 an anere Reegelwierker, déi aus BEPS erauskommen.

Och dowéinst gëtt et Initiativen, an déi sinn och schonn ugeschwat gi vum Laurent Mosar an déi sinn och scho gëschter ugeschwat ginn, géint aggressiv Steuerstrukturen, géint aggressiv Steieroptimisatioun, wéi d'DAC 6, wou méi Transparenz soll erakommen an dee Secteur vun der aggressiver Steieroptimisatioun.

Mir hunn dat schonn des Éftere gesot als LSAP, mat verschiddene Spriecher, an ech widderhuelen dat gären haut: D'Zukunft vun der Lëtzebuerger Wirtschaft an och déi vun der Finanzplaz läit an eisen Aen net an der Steuerstrukturéierung. Avantagen, déi mat steierlechen oder reglementaire Virdeeler zesummenhängen, verschwannen ëmmer méi schnell an oft mat Reputatiounsschued verbonnen. Dat internationaalt Reegelwierk, dat sech säit e puer Joer, säit 2014 a LuxLeaks an der Haaptsaach, mee awer och säit der Finanzkris schonn a Plaz setzt, wäert dës Industrie ëmmer méi schwach an onsécher maachen. Et wier also net verantwortlech, sech op dës Industrie ze verlossen, fir de Standuert Lëtzebuerg dauerhaft ofzesécheren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Weider Evolutionen kommen nach op eis zou: de Country-by-Country-Reporting, mee och d'Iddi, dass künfteg multinational Betriber do besteiert ginn, wou si effektiv hir Aktivitéit hunn, wou si effektiv hire Chiffre d'affaires réalisieren an net just hir Holding hunn. Dat ass gëschter schonn diskutéiert ginn am Kader vun de Budgetsdebatten an de Minister ass schonn drop agaangen. Ech mengen, dass mer dat alleguerte realiséiert hunn.

Alles dat, all déi Evolutionen spille klenge Länner wéi Lëtzebuerg net an d'Kaarten. An dorop muss mer eis astellen. An och dës Reflexioun gehéiert zu den Iwwerleeungen iwwert d'Ausrichtung vun eiser Wirtschaft mëttel- a laangfristeg.

Mee, wéi gesot, mir begrëssen dëse Projet de loi. E geet an déi richteg Richtung. An duerfir wäerte mer als LSAP dëse Projet och matstëmmen.

lech soen ech Merci fir Är Attentioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci och. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och wa LuxLeaks am Joer 2014 doudsicher keng Reklam fir Lëtzebuerg war, sou kann een awer am Nachhinein soen, datt duerch LuxLeaks de Wecker gerabbelt huet. Et war e Weckruf, fir am Steiersystem ëmzesteieren, am Sënn vum Wuert.

Zanterhier huet dës Koalitioun villes beweegt, beispillsweis duerch d'Mise en place vum automatischen Informationsaustausch, duerch d'Ofschafe vum Bankgeheimnis, duerch d'Ëmsetzung vu ville Moosnamen - dat sinn der eng ganz Panoplie - am Kader vum BEPS, déi ech lues a lues entdecken, nodeems ech virduen net an der zoustänneger Kommissioun war. Ech erënneren och un déi zwee lescht Gesetzter, déi mer nach d'lescht Woch gestëmmt hunn. Da si mer awer och weiderkomm duerch

d'Reduktioun vun de Steierrulings ëm 80 %, wou jo dann dee Regimm wäert am Joer 2020 auslafen.

Als Gréng, Dir Dammen an Dir Hären, fanne mir et richteg, op deem Wee weiderzefueren, well mer och der Meinung sinn, datt déi aggressiv Steiervermeidung vu grouse Multinationale weiderhi gezielt bekämpft muss ginn, fir datt d'Betribbesteuerung gerecht an transparent gëtt.

Grad wéi vill aner Projet-de-loien aus de leschte Joren dréit dëse Projet och dozou bäi. An et geet jo drëms, grad hei grouse Multinationallen d'Handwierk ze leeën, wa se mat Hëllef vun hybride Firmekonstrukter versichen, sech laanscht eng Besteuerung ze schläichen oder hir Steierschold einfach emol ze reduzéieren.

Un der Politik ass et natierlech, derfir ze suergen, datt jiddweree säi faire Bäitrag zur Allgemengheet leescht, well dat si jo d'Steierbetrag, an eeben och grad déi Multinationallen, déi keng Ausnam dierfe bilden.

Dozou wéilt ech awer och nach e puer méi generell Remarque maachen, déi e bëssen dat zrëckginn, wat och schonn den Här Fayot virdu gesot huet.

Fir als Lëtzebuerg kompetitiv ze sinn, Dir Dammen an Dir Hären, a kompetitiv ze bleiwen, hu mir et net néideg, op Nischepolitik ze setzen. D'Kompetitivitéit an d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg berouen nämlech net just op Steiervirdeeler a se dierfen och net dorop berouen.

D'Kompetitivitéit an d'Attraktivitéit vun eise Land baséiere ganz kloer op senger politescher Stabilitéit an hoffentlech nach laang op senger zentraler Positioun an Europa, op senger Expertis an der Finanzwelt, an donieft ass Lëtzebuerg och eng vun de wichtigste Finanzplazen an der Eurozon, déi de Brexit scho virbereet huet. A gutt!

Et gëtt also gutt Grënn, fir net op Steiernischen ze setzen an net setzen ze mussen a fir d'Moosnamen am Kader ...

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Wannechgelift!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - ... vum BEPS a vun der ATA-Direktiv konsequent ëmsetzen, am beschte mat eise Partner aus der EU-Zon, aus der OCDE a weltwäit.

Op där anerer Säit - ech komme bei d'Chambre des Salariés, déi e puer Remarken heizou formuléiert huet, méi kritesch Remarken - si mir eis bewosst, datt et op ville Plazen nach net ganz transparent zougeet. An do muss mer um Ball bleiwen. An och de Risiko vum „race to the bottom“, dee vun der Chambre des Salariés opgeworf gëtt, ass nach ëmmer e Problem. Dat heescht jo eng Course vun de Betriber op den Niveau null vun der Besteuerung, deen an Zukunft muss verhënnert ginn.

Wat dëse Projet de loi ugeet, sou gi mir och gären zou, datt en extreem technesch a komplizéiert ass an der Steierverwaltung d'Liewe ganz sécher net wäert méi einfach maachen a vläicht och wéinst der Technicitéit vun deem ganze Projet nach dat eent oder dat anert Schlupfloch wäert oplossen.

Trotzdem ënnerstëtze mer als Gréng d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv, der ATAD 2, well se ënnert dem Stréch awer geduecht ass, fir d'Steiervermeidungspraxis ze ënnerbannen. Esou eng Praxis geet zulaaschte vun de Steierzueler, emol un alleréischter Stell, awer och zulaaschte vun der Funktionsfäegkeet vum Staat, mee och zulaaschte vun de regionalen, klengen a mëttelgrouse Betriber, déi engem onlautere Wettbewerb ausgesat ginn, mat deene Praktiken.

Mat dësem Projet de loi maache mir e weidere Schrëtt, fir méi Gerechtegkeet an der Steierpolitik ze schafen. Et bleiwen awer och nach vill Schrëtt ze dinn. Jiddefalls wär et net verantwortlech, dëse Projet de loi net ze stëmmen.

An ofschléissend wéilt ech dem Här Änder Bauler nach eng Kéier Merci soe fir säi gudd Rapport, wéi esou oft. An domat ginn ech och den Accord vun der grénger Fraktioun.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci. An den nächste Riedner ass den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Ech wollt dem Kolleg André Bauler häerzlech Merci soen, well en huet et fäerdegbruecht, e Projet ze erklären, fir datt déi Leit, déi eis nokucken, oder déi Leit, déi spéider eng Kéier d'Chamberblietche liesen, verstinn, wourem et geet.

Ech wollt awer och dem Laurent Mosar Merci soe fir seng ganz fundéiert a berechtigt Kritik



un der Virgeeeënswais an der Ëmsetzung vun deenen doten Direktiven. Et ass ni gutt, wann een eppes iwwert de Knéi brécht an am Schlussmarathon eppes muss ofstëmmen, wat een och schonn hätt kënne virun zwee Méint oder virun engem hallwe Joer evakuéieren.

D'ADR stëmmt dësen Text, well mer och prinzipiell der Meenung sinn, datt d'Benefisser sollen do besteiert ginn, wou se erwirtschaft ginn, a selbstverständlech géint all Magouillë sinn oder Strukturatione sinn, déi dat solle verhénnere.

Genausou prinzipiell si mer als ADR awer och, an dat wëll ech ganz kloer soen, géint déi ëmmer méi grouss Amëschung vun internationalen Organismen, a speziell och vun der EU, ...

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Roy Reding** (ADR).- ... an d'steierlech Souveränitéit vun de Länner.

Mir sinn och prinzipiell géint déi Tendenz, alles wëllen esou ze iwwerreglementéieren an ënnert dem Pretext vun e puer Multinationallen esou katastrophal Saachen anzeféiere wéi eng Imposition à la sortie.

Wësst Der, wat dat heescht „imposition à la sortie“? Dat heescht, datt ee Mënschen oder Firmaen op Benefisser oder op Einnamen, déi se haten an déi se besteiert hunn, nach eng Kéier besteiert, fir se ze bestrofen derfir, datt se wëlle plënnere. Dat däerf net sinn! Dat ass géint déi fundamental Fräiheet vun all Mënsch an och vun all Betrib, sech do néierzeloossen, wou e sech wëllt néierloossen.

A genau sou kloer si mer och géint d'Aushiewele vum Berufsgeheimnis vun den Affekoten, wat jo an der nächster ATAD oder an enger vun den nächsten ATA-Direktive wäert op d'Tapéit kommen. Mee doriwwer diskutéiere mer dann, hoffentlech fundéiert, an der Kommissioun. An doriwwer diskutéiere mer dann am Plenum, wann et esou wäit ass.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An den nächste Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Léink*).- Jo, merci, Här President. Mir hunn e reelle Problem mat deem Projet de loi. Selbstverständlech, an Dir wësst dat, mir plädéieren, mir hu jo ëmmer dofir plädéiert, datt een all Mechanismus soll ënnerstëtzen an ëmsetzen, deen d'Steierevasioun bekämpft. A Lëtzebuerg ass eng vun den Hauptplaze vun der Steierevasioun. Dat wësse mer all. A mir wëssen och all, datt dat net weiderhin esou ka funktionéieren.

Du kout natierlech de BEPS, eng Initiativ um OCDE-Niveau. An de Problem ass deen - ech mengen, de Rapporteur ass jo drop agaangen, andeems e gesot huet, de Staatsrot hätt just eng Opposition formelle gemaach; et ass scho gesot ginn, dorop ass den Här Bauler net esou agaangen -, datt de Staatsrot a 44 Säiten dee Projet de loi u sech zerräisst, zerräisst, well e seet: „En ass net ze verstoen.“

Den Här Reding huet virun dem Här Bauler Merci gesot, fir esou e komplizierten Text verständlech eriwuerzebréngen. De Problem ass, an ech mengen, wa mer all éierlech sinn: Kee Mënsch hei versteet wierklech, wat an deem Projet de loi ass. Mee mir stëmmen dee warscheinlech.

De Staatsrot huet en och net verstanen. An do gëtt et zwou Méiglechkeeten: Entweder waren et d'Administratiounen hei zu Lëtzebuerg, mee dat gleewen ech net, well mir hunn awer wierklech Spezialisten am Finanzministère setzen, mee warscheinlech ware se ënner Drock oder et war esou komplizéiert an et ass esou verwässert ginn, schonn am Virfeld, um OCDE-Niveau, well ech mengen, do gëtt et awer och Kräften, déi alles maachen, fir ze soen: „Okay, mir spillen d'Spillche mat vu BEPS, mee a Wierklechkeet wäerte mer et esou formuléieren, datt mer weiderhi kënne Steierevasioun maachen an datt d'Staaten u sech net méi verstinn, wourëms et geet, an datt déi Eenzeg, déi nach iergendwéi dat Gesetz kënnen interpretéieren, déi vun de Big Four sinn.“ Dat sinn déi Eenzeg, déi herno all déi Schlupflächer wäerte kënne fannen. An ech mengen, dorobber geet ...

(*Interruption*)

... och de Staatsrot an.

Jo! A mir wësse jo all, datt mer e Problem hunn hei beim Staat, datt et u sech, an zemoos grad hei zu Lëtzebuerg, um Kierchbiere eng Arméi vu Leit, vu Steierberoder gëtt, déi eendeiteg méi effikass a méi schnell kënne schaffe wéi de Staat. A mir lafen ëmmer derhannert. An et ka gutt sinn, ech menge wierklech, datt deen heite Projet de loi u sech éischter fir si geschrivwe gouf. An dat ass e reelle Problem!

A jidderee seet: „Et kann ee mat deem Gesetz näischt ufänken.“ Entweder schafft en deenen

an d'Hänn an e geet genau an déi aner Richtung vun deem, wat gewollt ass - ob et express gemaach ginn ass oder net express gemaach ginn ass, weess ech net, dat kann ech net aschätzen -, respektiv en ass total onbrauchbar. Dat heescht, ech mengen ... Et kann een natierlech och polemiséieren iwwert déi Aart a Weis, wéi et verlaft ass, souwiso, mee bon! Mee ech mengen, ech géif virschloen, well et ass wierklech ... Mir stëmmen do iwwer eppes, e Gesetzestext, dee warscheinlech an d'Gesellschaft ageet an deem Sënn, datt kee Mënsch e kann interpretéieren oder datt et grad do-wéinst esou gemaach ginn ass.

Ech mengen, et ass besser, mir stëmmen haut net doriwwer of, Delai hin oder hier, datt en erëm zrëck misst, fir awer iwwerschaft ze ginn. Ech mengen, et ass vläicht dat Bescht. Ech mengen, et ass och eppes, wat de Staatsrot am léifste gehat hätt, well wann de Staatsrot emol nëmmen eng Opposition formelle konnt maachen, mee awer 44 Säite schwärzt, fir ze erklären, datt et e Schwäizer Kéis ass, dee Gesetzesprojet, well et ass dat, wat e seet: „Et ass e Schwäizer Kéis“, da wëllt en domadder soen: „Hei, Dir musst eng Kéier erëm frësch ufänken, well d'Komplexitéit ass esou wäit, datt et iwwerhaupt schwéier ass, eng Opposition formelle ze maachen.“ Dat ass de Problem vum Staatsrot gewiescht.

Soss wäerte mer dergéint stëmmen, aus deenen Ursaachen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Marc Baum** (*déi Léink*).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, ech ka mech deem uschlëssen, datt den André Bauler hei probéiert huet, e komplizierten Text verständlech ze maachen. Et ass him och insofern gelongen, datt e manner komplizéiert aus sengem Mond geklengen huet, wéi e sech um Pabeier gelies huet. Et ass awer e ganz schwéieren Exercice, fir esou e komplizierten Text - an do ginn ech dem Kolleeg David Wagner Recht - ze kondenséieren. Et ass en Text, wann ee sech e bëssen domadder beschäftegt, huet een e bëssen d'Gefill, datt en op där enger Säit um europäesche Plang schonn e bëssen am Hauruckverfahre relativ kuerz no der ATAD-1-Direktiv kout an datt mer en dann och hei an engem Sprint u sech duerchdebattéieren, fir datt Lëtzebuerg den 1. Januar kann als Musterchüler mat ATAD 2, also der Anti-Tax Avoidance, géint Steierhannerzëiung ..., nee net emol géint Steierhannerzëiung, géint Steierreduzëierung u sech ka virgoen.

Ech mengen, wann een dat alles zesumme kuckt, dann ass et wierklech e Sprint, mat deem mer hei duerchgaange sinn. An dat sollt eis e bëssen ze denke ginn.

Deen zweete Punkt, deen eis sollt ze denke ginn, an dat huet den David Wagner och ugeschwat, dat ass d'Liesbarkeet vu Gesetzestexten. Ech mengen, ech kommen ëmmer erëm drop an ech hunn et gëschter a menger Ried gesot an ech soen et och haut nach eng Kéier: Mir solle keng Gesetzer schreiwen, déi just nach vun Experten an enger Nischematière kënne verstane ginn. Et ass wichteg, datt d'Gesetzer prezis sinn, mee se mussen awer och nach iergendwou diergabel si fir déi Leit, déi dovunner betraff sinn.

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Deen Text kënnt vu Bréissel!

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Jo, Madamm Beissel, et ass och deelweis Bréissel, déi dorunner schold sinn, datt déi Texter esou komplizéiert sinn, wéi se sinn.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ëmmer Bréissel!

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV).- Ëmmer Bréissel!

(*Brouhaha*)

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Mee mir mussen awer och eis Responsabilitéit hei huelen an eis soen: ...

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Sou ass et einfach!

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- ... „Déi Texter si vläicht e bëssen ze komplizéiert, fir se nach einfach dobaussen ze erklären oder fir datt d'Leit se einfach kënne liesen.“

(*Interruptions*)

Ech appelléieren dofir nach eng Kéier, esou wéi ech et gëschter gemaach hunn, drun, datt mer an Zukunft probéieren, och komplizéiert Matière méi liesbar ze maachen. A wann et nëmmen iwwer en Ëmwee vun engem liesbare Commentaire geet, vun engem zousätzleche Commentaire, dee probéiert, e Gesetz an e

Kontext ze setzen, deen iwwert dat Legistescht erausgeet, deen iwwert déi legal Interpretatioun erausgeet, mee quasi eng Aide à la lecture soll bidden, fir datt normal Biergerinnen a Bierger dat nach kënne suivéieren, wat mer heibanne maachen. Well et ass dat, wourëm et geet. Mir stëmmen hei Gesetzer a mir mussen eis dobaussen op der Strooss verteidege fir dat, wat mer stëmmen. An da musse mer eis och kënnen erklären.

An ech mengen, dat ass bei aller Léift fir de Rapporteur hei dach schwéier ze maachen.

Den David Wagner huet absolutt Recht, wann e seet: „Dat hei ass e Gesetz, mat deem mer zwar nei Aarbechtsplaze schafen, well mer nei Affekote mussen op Lëtzebuerg zéien, déi dat Gesetz do interpretéiere wäerten.“

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Et sinn der genuch hei!

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Nichtsdestotrotz, dat heiten ass eng Direktiv, déi den 1. Januar soll a Kraaft trieden. Se krut den Aval zu Bréissel.

(*Interruptions*)

Et ass just eng Opposition formelle ginn trotz all deenen anere Krittären. Mir sollten dat stëmmen an dann awer och noleeën an déi Feeler, déi de Staatsrot nach ugemierkt huet, nobesseren. Dofir ginn ech eisen Accord.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci. Domat ass déi allgemeng Diskussioun ofgeschloss. An d'Wuert huet de Finanzminister, den Här Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Ech si frou, dass mer haut kënnen iwwert dat Gesetz hei ofstëmmen, well et wichteg ass, dass mer dat net nëmmen an den Delaie maachen, wéi dat elo hei geschitt, mee och well et eng Steiermatière ass an dat, wa mer do an dat neit Joer gerutscht wäeren, riseg Problemer geschafen hätt.

Mir sinn hei an engem internationale Kontext, net nëmmen well et eng europäesch Direktiv ass, mee et ass eng europäesch Direktiv, genannt Anti-Tax Avoidance Directive 2, déi en fait d'Recommandatioun vum der OCDE am BEPS ëmsetzt, an zwar d'Aktioun Nummer 2.

Et ass hei vill gesot ginn, dass et techesch wär a komplizéiert. Dat kann ech ganz gutt verstoen. Mee d'Matière selwer an dat, wourëm et geet, ass eppes ganz Konkreetes an eppes ganz Wichteg: Et geet drëms ze evitéieren, dass d'Steierbasis vun de Länner siphonéiert gëtt an dass doduerch oft op kenger Plaz Steiere bezuelt ginn.

A wéi richtegerweis ënnerstrach ginn ass, ass Lëtzebuerg e Land, wou dat praktizéiert ginn ass. An ech si frou, dass d'Deputéiert Bauler, Fayot a Lorsché ënnerstrach hunn, wivill Bettel 1 a Bettel 2 gemaach hunn, fir dass mer vill méi transparent ginn.

An ech akzeptéieren déi Kritik, déi de Laurent Mosar gemaach huet. Ech akzeptéieren déi, en huet Recht.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- En huet Recht. Doranner huet e Recht. Mee fir da bei dëser Direktiv iwwert de Fong kee Wuert ze verléieren, ass e bësse schued. Wat mer hei amgaange sinn ze maachen, ass extreem wichteg fir Lëtzebuerg, fir eis Reputatioun a fir eis Attraktivitéit.

An de Grond, firwat et esou laang gedauert huet, ass een duebel: Et ass, well et eng komplizéiert Matière ass, an zweetens, well mer vill consultéiert hunn. Ech sinn iwwerzeegt, wa mer net vill consultéiert hätten a sechs Méint virun hei gewiescht wäeren, wäer mer kritiséiert ginn, well dem Secteur net nogelauschtert gi wär.

Ech wëll awer, well Verschiddener gesot hunn: „Et ass esou komplex, dass iwwerhaupt keen dat versteet!“, ech muss déi berouegen, déi dat gesot hunn: Am Finanzministère versti mer deen Text.

(*Hilarité et interruptions*)

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- An op der Steierverwaltung versti se en och ganz gutt.

An ech mengen, hei op der Finanzplaz si vill Leit, déi deen Text hei ganz gutt verstinn. Dofir war et och esou wichteg, dass mer dat gutt ëmsetzen an zurzäit ëmsetzen.

Et geet hei drëms, mat der ATAD 2 e Schratt méi wäit ze goe wéi mat der ATAD 1. Ech muss Iech och soen, ech sëtze jo do derbäi, wann déi verhandelt ginn, well dat ass jo alles am ECOFIN an ech muss mech jo do schaffen: D'ATAD 1 war limitéiert op d'EU selwer, op den

Territoire vun der EU selwer. An d'ATAD 2 implizéiert d'État-tiersen och. Dat ass dee groussen Ënnerschied. An et ass och dofir, wiso d'ATAD 2 vill méi komplex nach ass wéi d'ATAD 1.

Et geet also drëms, hei d'hybrid Instrumenter oder d'hybrid Entitéiten oder Strukturen ze couvréieren. An dat si véier verschidde Kategorien, déi hei gemengt sinn. Den André Bauler, deem ech wëll felicitéiere fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, huet dat gutt erkläert.

Dorauser entsteet eng Reegel fir déi hybrid Produkter, déi folgend ass: D'primär Reegel ass, dass d'Gesetzgebung applikabel ass vun deem Land, wou den Investisseur ass. Nëmme wann dat net méiglech ass - an do gëtt et eng Rëtsch Hypotheesen, wou dat net méiglech ass -, da gëtt déi aner Juridictioun, déi betraff ass, kompetent. Dat ass d'Haaptregel, déi hei an der ATAD 2 zrëckbehalde gëtt.

Nun, ech hu gesot, dass mer vill consultéiert hunn. A firwat war dat? Op engem Punkt wëll ech awer méi laang erklären, wat mer do gemaach hunn. D'Problematik, déi mer haten an déi mer hunn, mee déi mer, mengen ech, geléist hunn, sinn d'Fonds-d'investissements. Fälen d'Fonds-d'investissements ënnert de Mechanismus vun der ATAD 2?

D'Direktiv, de Projet vun der Direktiv huet dat net virgesinn oder schwätzt net vun de Fonds-d'investissements. A mir hu missen eng Method fannen, fir d'Fonds-d'investissements auszuschlëssen. A mir hunn dat fonnt, andeem mer gesot hunn, dass et eng Presumptioun gëtt, wann een an engem Fong ass, dass d'Personnes oder d'Organismes, déi manner wéi 10 % hunn, en principe net conjointement mat enger anerer Persoun agéieren. An ech kann Iech soen, mir hu Méint dorunner geschafft, fir déi do Formel ze fannen.

Elo wëll ech awer och direkt déi berouegen, déi mengen: „Elo huet Lëtzebuerg hei eppes gemaach, wat net an der Rei ass.“ Nee. D'ATAD-Direktiv hat d'Fonds-d'investissements iwwerhaupt net um Radar. A wann een och weess, wéi d'Fonds-d'investissements funktionéieren, da versteet een dat och. D'Fonds-d'investissements, do keeft een a verkeeft een déi ganzen Zäit Parten, ganz kleng Parten oft.

(*M. Fernand Etgen reprend la présidence.*)

Do geet et guer net drëms, Verschibunge vun der Base taxable ze maachen. An dofir och déi Reegel vun 10 %. Ech mengen, dass mer do eng gutt Léisung fonnt hunn.

Zur Fiche financière wëll ech soen, dass eng Fiche financière dran ass, op der Säit 44. Déi ass dem Deputéierte Mosar vläicht echappéiert. Mee vläicht wollt e soen, dass näischt drasteet.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Genau dat!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, mee dann hat Der Iech net ganz richtig ausgedréckt. Mee mir hunn awer eng Fiche financière drageschriwwen.

Ech wëll awer och dorobber agoen. Wann et esou einfach wär an ech kéint draschreiw loosser oder froen, si sollte mer e Calcul maachen a schreiwen: „Et kascht eis 10 Milliounen“, dat wär net seriö. Oder: „Et kascht der 100.“ Oder ëmgekéiert: „Et bréngt der 50 oder 100 an.“ Wéi soll een dat da maachen? Et soll dach ee mir erklären, wéi een den Impakt vun esou enger Direktiv op d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg kéint jugéieren, zum Eischen, an zweetens, wat mer da wierklech verléieren oder gewannen.

A mir hunn en fait schonn e wonnerbaart Beispill virun den Aen, an zwar d'ATAD 1. Vill Leit hunn intuitiv gemengt, dass wéinst där ATAD-1-Direktiv, déi jo och dann derfir suert, dass keng duebel Netbesteuerung geschitt: „Do verléiert Lëtzebuerg ganz vill“, well mir sinn an esou Scheemaen dran. Wann dat dann de Fall sollt gewiescht sinn oder ass, da gesäit een dat op de Rentrée vum der Kierperschaftsteuer net. Mir hu jo gëschter laang a breet erkläert, dass eng vun den extraordinären Evolutionen vun de leschten zwee, dräi Joer ass, dass d'Kierperschaftsteuer immens an d'Luucht gaangen ass. D'ATAD 1 ass en vigueur a mir kréie méi Steieren eran.

An och dat kann een duebel interpretéieren, andeem ee seet: „A jo, wann d'Reegele méi streng ginn, da bezuelen d'Leit méi, och zu Lëtzebuerg.“ Mee eis Hypothèse de départ war fir ze soen: „Wann déi Reegelen do kommen, da maache se zu Lëtzebuerg carrement zou an da kréie mer null eran.“ All déi Hypotheesen do kann een duerchspillen, mee do kritt ee keng satisfaisant Antwort, wivill dann den Déchet fiscal fir Lëtzebuerg soll sinn.



An ech mengen, dofir war dat räsounabel, dass mer keng Ziffer drageschriwwen hunn. Mee mir wäerten dat monitoren, kann ech lech versécheren. An Dir wäert et all gesinn an de Recetten, déi mer zu Lëtzebuerg erakréien.

Zur Chambre de Commerce an zum Avis och vum Conseil d'État: Déi hu sech allen zwee vill Méi ginn. Si hu jo och d'Regierung gelueft zu engem groussen Deel fir déi Formullen, déi mer fonnt hunn, ënner anerem fir d'Fonds-d'investissements, wat de groussen Enjeu war. Si hunn awer och eng Rëtsch Froe gestallt. Ech wëll dozou zwou Saache soen.

Dat Éischt ass: Mir wäerten dat alles an den nächste Méint och nach weider soupeséieren, wat déi Institutiounen gesot hunn. Wa Punkte sinn, déi musse klärifiéiert ginn, da kann d'Steierverwaltung dat iwwer Circulaire maachen. Wa Punkten dra sinn, déi net Klärifikatiounen sinn, mee en fait Echappatoiré si vun der ATAD 2, da soen ech lech awer: „Dat mécht dës Regierung net mat!“

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Très bien!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- An ech wëll net, dass gemengt gëtt, dass ee kann alles dräimol ëmdréien a komplizéiert dréien, fir dann op e Resultat ze kommen, dass d'Direktiv net spillt. Mat all där Méi, déi ech mer ginn hunn an déi d'Regierung sech ginn huet, fir d'Reputatioun vu Lëtzebuerg ze verbesseren, musse mer dorobber ganz gutt oppassen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- En conclusion freeën ech mech, dass esou vill Parteien dës Direktiv ënnerstëtzen. Ech liesen doranner, dass mer un engem Strang zéien, fir Lëtzebuerg weider kompetitiv ze halen, awer net zu egal wat fir engem Präis. Mir wëlle kompetitiv bleiwen an eng gutt Reputatioun hunn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här Minister?

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci. Den Här Mosar freet d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Merci, Här Minister, fir déi Explikatiounen, déi Der ginn hutt, mat deenen ech och en gros d'accord sinn. Just awer vläicht eng zousätzlech Bemierkung an eng Fro, déi Der mer net beäntwert hutt.

Déi zousätzlech Bemierkung: Dir hutt zu Recht op déi Thematik vun de Fongen higewisen. Ech wëll lech just soen, an Dir hutt dat och gesot, datt eigentlech déi Direktiv sech iwwerhaapt net op d'Fonge bezitt. An ech hu mer d'Méi gemaach, e bëssen ze kucken, wéi eis Nopeschlänner dat applizéiert hunn. Also a kengem vun den europäesche Länner sinn d'Fongen dran. Duerfir kommt, mir maachen awer elo net esou, wéi wa mir hei eng extra favorable Dispositioun fir d'Fongen dragesat hätten! Déi hunn einfach näischt mat där Direktiv ze dinn.

Zweet Fro, déi ech lech gestallt hunn, an do wär ech awer net onfrou, wann Der eis vläicht géift eng Äntwert ginn: Wéi gedenkt Der virunzegoen och mat där Kritik, déi Der mer jo dann unhuelt, datt mer an Zukunft déi Projeten net méi esou iwwert de Knéi solle brieche?

Do ass och, mengen ech, vun deem engen oder anere Kolleg déi DAC-6-Direktiv do ugeschwat ginn, déi eng Rei vu Froen opwerft, nottamment déi, an déi ass och hei ugeschwat ginn, vun den Affekoten. Ech schwätzen hei och en présence vun eiser Justizministerin. Ech wollt eigentlech vun lech wëssen, well ech och gelies hunn iergendwou an der Press, Dir géift elo, mengen ech, eng Kéier de Conseil de l'ordre vun den Affekoten dozou empfangen, ech géif eigentlech wëlle vun lech wëssen, ob Der och do gedenkt, eventuell nach um Text eppes ze änneren an déi Bedenke vun den Affekoten och ganz eescht ze huelen.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Also zu der DAC 6 kann ech lech soen, dass ech eis allegueren encouragéieren, dass mer am Januar esou séier wéi méiglech dorunner solle schaffen. Den Avis vum Conseil d'État ass eminent. Da kënne mer jo schaffen.

Ech géif lech awer och gäre proposéiere fir d'Zukunft, dass mer bei all deene Sujeten hei ufänken, op den Texter ze schaffen, ier de Conseil d'État säin Avis ofginn huet.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- On est demandeur. Merci, Här Finanzminister.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ech mengen, dat sollte mer maachen. Dat géif eis erlaben, Zäit ze wannen.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Très bien!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Dir gesitt, ech si ganz konstruktiv.

Zu den Affekoten, vu dass Der mer d'Geleeënheet gitt, hei eppes doriwwer ze soen, muss ech soen, zum Éischten hätte se mer kënne en Zeeche ginn a si hätte kënne mat eis schwätzen en amont. A si sinn elo net ganz zefridde mat deem, wat am Text steet.

Mee ech kann lech versécheren - ech kann lech versécheren, Här Mosar, mee och der ganzer Chamber versécheren -, mir hunn eis dat ganz laang ugekuckt. An d'DAC 6 geet jo drëms, dass d'Intermediairen, déi e Scheema vun Optimisation fiscale gesinn, an der Chaîne sinn, dass déi allegueren d'Obligatioun hunn, dat ze mellen. An da kann all Land ... Dat gesäit d'Direktiv vir, dass a verschiddenen Hypotheseen eng Zort vun Intermediairen oder eng Zort Persounen net brauchen ze kommuniquéieren. Da geet déi Charge erof op en aneren Intermediaire.

A wann een eng Direktiv hätt wëlle maachen, wou een all Mënsch exemptéiert, da muss d'Personne physique selwer, déi de Scheema mécht, et selwer deklaréieren. Dat heescht, egal wéi ee sech dréit, muss et jo gemellt ginn.

Elo hu mir grad fir d'Affekoten eng speziell Mesure virgesinn! An dat, wat mer virgesinn hunn ... Also par rapport zu Consultants, zu Big-Fouren, zu all deenen aneren Intermediairen, déi ee sech ka virstellen, hu mer fir d'Affekoten eppes Extraes virgesinn. A wat hu mer virgesinn? Majo d'Affekote mussen, wa se esou e Schéma d'optimisation fiscale virbereede fir e Client, den Typ vu Scheema anonym un d'Steierverwaltung mellen. Anonym!

Dat heescht, si schécken der Steierverwaltung e Scheema 7. Si soen: „Ech sinn hei konfrontéiert mat engem Scheema 7.“ An da kann d'Steierverwaltung nofroen: „Gitt mer méi Informatiounen iwwert de Steierscheema 7. Ass dat en typesche ?? Ass et e 7A, 7B?“ Wat weess ech.

Mee d'Identitéit vum Client ass protégéiert. Domadder, mengen ech, hu mer eng gëlle Mëtt fonnt. Mir hunn eis inspiréiert un deem, wat Däitschland mécht. Mee an Däitschland ass den Dossier nummeréiert an et kann een d'Identitéit herno vun de Leit erëmfannen.

An da gëtt et Länner, déi hu fir d'Affekoten iwwerhaapt näischt gemaach. Do sinn d'Affekoten traitéiert wéi all aneren Intermediaire. Ech soen net, dass eise System perfekt ass. Ech soe just, dass mer versicht hunn, eppes ze fanen, wat an der Mëtt ass.

Wa gutt Iddien do sinn, wou ee kann an der Mëtt e bësse méi no lénks, no riets, no uewen, no ënne goen, ass meng Dier wéi ëmmer op.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Très bien!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ech soen lech Merci.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Finanzminister. Den Här Bauler freet nach d'Wuert.

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Jo, merci, Här President. Ech wollt ganz kuerz op dat reagéieren, wat den David Wagner gesot huet. Ech wollt awer nach eng Kéier widderhuelen, datt ech a mengem mëndleche Rapport vun engem entwéckelten, „développéierte“ Rapport vum Staatsrot geschwat hunn. Jo, ech hunn nëmme just vun enger Opposition formelle geschwat, dat ass richtig. Mee ech hunn awer hannendrugéifügt, datt mer extra eng Sitzung agefouert haten, wou mer just iwwert dat heite Gesetz geschwat hunn, wou mer all Froen, déi dunnen Moment virlouchen an déi de Staatsrot, a fortiori, och gestallt hat, konnten diskutéieren, uschwätzen a vum zoustännege Beamten aus dem Ministère och dunnen Erklärungen kruten.

Also insofern wëll ech awer net vun Ärer Säit aus mëssverstane ginn. Dat wollt ech just nach eng Kéier preziséieren.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Bauler, fir déi Kloeerstellung. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7466. Den Text steet am Document parlementaire 7466⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7466 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gladen, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Viviane Reding), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Dan Biancalana, Alex Bodry, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Mars Di Bartolomeo), Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freut d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. Ordre du jour

Ier mer elo zu deenen anere Punkte vum Ordre du jour kommen, wollt ech am Fong d'Chamber nach froen, ob se d'accord ass, datt mer de Punkt vun der Aktualitéitsdebatt iwwert d'Resultater vun der COP nach géifen de Moien huelen nom Projet de loi iwwert d'Regëstere vum État civil. Da komme mer de Mëtte besser un, well mer de Moien disziplinéiert waren.

Ass d'Chamber mat där Ofännerung vum Ordre du jour d'accord?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

7. 7497 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2018

A mir kënne direkt zum Punkt vun der Chamberskonte vum Joer 2018 kommen. Den honorabelen Här Marc Lies ass Rapporteur a presentéiert eis elo d'Konten.

Rapport de la Commission des Comptes

► **M. Marc Lies** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, no dem Budget, dem Staatsbudget an awer och de Konte vum Staat géife mer dann elo zu de Konte vun der Chamber kommen.

Esou wéi all Joer goufen och dës Joer d'Konten vun der Chamber fir d'Buchungsjoer 2018 vun enger Spezialkommissioun kontrolléiert. Den Artikel 174 vum Règlement interne vun der Chamber gesäit vir, an ech zitieren: « L'examen de la comptabilité des fonds de la Chambre, pour chaque session, est confié à une commission spéciale dite "Commission des Comptes", assistée par un réviseur d'entreprises à désigner annuellement par le Bureau. [...] La Chambre, sur le rapport de cette commission, se prononce sur l'apurement du compte. La décision est communiquée à la Cour des Comptes pour être enregistrée. »

Den Auditeur Baker Tilly, deen d'Konten vun der Chamber fir den Exercice 2018 kontrolléiert huet, koom den 12. November a sengem Schreiwes zu folgender Conclusioun: « A notre avis, les états financiers de la Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg pour l'exercice clos le 31 décembre 2018 ont été établis, dans tous leurs aspects significatifs, conformément aux principes comptables applicables à la Chambre des Députés définis par le Bureau et tels que détaillés en note 1 des états financiers. »

Den initiale Budget vun der Chamber fir d'Joer 2018 louch bei 38,3 Milliounen. De Sold tëscht dem Budget vun 38,3 Milliounen an der Dotatioun vum Staat vu 35,9 Milliounen ass iwwert d'Reserven ausgeglaach ginn.

Mat Zësen an ausseruerdentleche Recettë louchen d'Revenue bei insgesamt 36.030.000 Euro. De Kont 2018 ass mat Dépensé vu 34,6 Milliounen ofgeschloss ginn. Dës entsprécht also engem Iwwerschoss vun 1.430.000 Euro.

Hëlt een de Budget vun 38,3 Milliounen an déi effektiv Dépensé vu 34,6 Milliounen, esou goufen 3,7 Milliounen manner ausgi wéi budgetéiert.

séiert. Par rapport zum Buchungsjoer 2017 louchen d'Dépensé 525.000 Euro, also 1,54 %, méi héich.

Ënnert dem Stréch kann ee soen, datt d'Administratioun vun der Chamber virsichteg Wirtschaft. D'Reserve vun der Chamber beläuft sech op ronn 7,4 Milliounen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Spezialkommissioun à l'unanimité an de Réviseur d'entreprises Baker Tilly sinn der Meinung, dass d'Konten vun eiser Chamber an der Rei sinn. Domadder géif ech lech allegueren bieten, d'Konten vum Exercice 2018 gutt zeheeschen.

Ech wëllt dem Bureau an all de Mataarbechter vun der Chamber awer och ee ganz, ganz décke Merci soe fir hir gutt an exemplaresch Aarbecht.

Besonnenesch géif ech awer gär dem Generalsekretär Claude Friesen, dee während praktesch 20 Joer elo d'Geschécker hei vun der Chamber geleet huet, an der Madamm Ginette Biasini aus dem Service financier vun der Chamber ee besonnenesche Merci soen. Et dierft dës Joer hire leschte Rapport si vun de Konten, well souwuel d'Madamm Biasini wéi och den Här Friesen wäerten an deenen nächste Méint an hir wuelverdengte Pensioun goen. An ech géif lech bieden, hinnen zwee ee ganz, ganz décken Applaus ze ginn.

(Applaudissements)

Am Numm vun der CSV-Fraktioun ginn ech selbstverständlech den Accord zu dësem Rapport an ech géif och déi aner Fraktiounen a Sensibilitéiten bieten, dat selwecht ze maachen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an iwwerrechen dem Chamberspräsident dës Resolution.

Résolution

La Chambre des Députés,

vu le rapport de sa Commission des Comptes,

approuve les comptes de l'exercice 2018 et prie son Président de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission des Comptes à la Cour des comptes pour y être enregistrés.

(s.) Marc Lies.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

► **M. Marc Lies** (CSV), *rapporteur*.- Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Lies. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Guy Arendt agedroen.

Discussion générale

► **M. Guy Arendt** (DP).- Merci, Här President. Ech ka mech am Fong op d'Mercie beschränken, éischstens emol dem Marc Lies fir säi Rapport. An ech géif mech awer och senge Mercien uschlëssen un d'Sekretärin an un de Secrétaire général, fir hinnen och Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi se gemaach hunn. Et ass wierklech ëmmer perfekt gewiescht. Déi Sitzung waren och perfekt geleet.

An deem Sënn géif ech och den Accord vun der DP-Fraktioun ginn.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Arendt. Als nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Lydia Mutsch agedroen.

► **Mme Lydia Mutsch** (LSAP).- Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus den Accord zu de Konten. Mir krute se op eng professionell Aart a Weis presentéiert. Do gesäit een, dass hei ganz gewëssenhaft geschafft gëtt.

An ech wëllt mech de Mercie vum Rapporteur - fir d'Éischt awer ee Merci fir säi Rapport, deen e gemaach huet -, mee virun allem dem Merci un d'Adress vum Här Friesen an un d'Madamm Biasini uschlëssen. Ech mengen, si hunn eis hei gutt begleet an deene leschte Jorzéngen. An och vun eiser Fraktioun aus dofir eis Unerkennung an eise Respekt.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An da wär et elo um honorabelen Här Back.

► **M. Carlo Back** (déi gréng).- Jo. Här President, och vun eiser Säit aus e grouse Merci un den Här Lies an evidentment och un den Här Friesen an un d'Madamm Biasini, déi eis elo fir d'leschte Kéier dat heite presentéiert hunn an der Kommissioun.

Bon, mir wëllen och begrëssen, datt déi Konten nogekuckt goufen, esou wéi och aner Konten vun aneren Institutiounen, vu Réviseurs d'entreprises externes, wat, mengen ech, jo och schonn zu der Transparenz vun der Chamber bäidréit.

Mir hätten awer eng Remark zu de Konten vun der Chamber, well mer festgestallt hunn, datt am Artikel 12.120.10 d'Suen net ausgi gi sinn. Dat muss net onbedéngt schlecht sinn, mee an